# Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs A.s.b.l.

affiliée à la C.I.P.S. et au C.O.S.L.

President :
SCHLEICH Daniel
48, rue de Noertzange
L-3315 Bergem
Tél: 52 28 41

## Section Vétérans/Masters

Compte:
LU05 1111 7011 9983 0000   CCPLLULL

Sekretär:
Schertz Raymond
18 rue Paul Goedert
L-3330 Crauthem
Tél : 621 158 278
schertra@pt.lu

# Bericht vun der Generalversammlung 2025

## den 24 Januar 2026 am Café Am Duerf zu Mensdorf

1) Begréissung an Usproch duerch de President Dan Schleich.
Den Dan Schleich huet d‘ Memberen begréisst an erklärt dat hien no 30 Joer Asatz am Dëngscht vun der Fëscherei sech lo wëll zréckzéihen a sein Privatliewen genéisse wëllt. Hien wär 2012 een vun de Grënnungsmemberen vun der Veteranensektioun, huet de Catering ob de Manchen organiséiert an och gekacht wann d‘ Sektioun e Concours organiséiert huet a bei all Weltmeeschterschaft eng Hand mat ugepakt.
Den Dan huet der Veteranen a Master Sektioun weider hinn vill Erfolleg, eng gutt Komerodschaft an e schéint Championnat gewënscht.
De Sekretär huet dem Dan am Numm vun alle Memberen vun der Sektioun e grousse Merci ausgeschwat an déi vill Aarbecht ernimmt déi den Dan all déi Zäit geleescht huet.
De Raymond Dostert huet him eng Corbeille iwerreecht am Numm vun der Sektioun.

   Eng Gedenkminut gouf ageluecht fir ons verstuerwen Memberen.
2025 huet ons den Arny Thomma – Éierepresident vun onser Sektioun verlooss.

2) De Rapport iwwer d' Aktivitéiten vun 2025 gouf vum Raymond Schertz virgedroen a mat Applaus ugeholl.

3) De Keesebericht huet de Keessier Raymond Schertz virgedroen.

4) De Keeserevisor Bernard Panteghini huet zesummen mam Serge Petro e Meindeg den 19. Januar 2026 d‘ Keess kontrolléiert a bestätegt dat d‘ Keess gestëmmt huet an d‘ Generalversammlung huet dem Keessier mat Applaus Décharge ginn.

5) Bestätegung vum aktuellen Keesserevisor Serge Petro an Neiwiel vum zweeten Keesserevisor John Gruen. De Bernard Panteghini hält op als Keesserevisor.
Op dëser Plaz soe mer dem Bernard Panteghini Merci fir déi 6 Joer wou hien gehollef huet d‘ Keess ze kontrolléieren. De Serge Petro konnt krankheitshalber net op der Generalversammlung present sinn.

6) De Marc Retter konnt net op der Generalversammlung sinn huet awer dem Raymond Schertz verséchert dat, wa kenn sech als President géif mellen dat hien géif seng Kandidatur stellen. Et louch him um Häerz dat d’ Generalversammlung misst bedenken dat an diem Fall 2 Hollerecher de President, de Sekretär an de Keessier géife stellen wann dat am nächsten Comité sou géif ugeholl ginn.
De Raymond Schertz huet die Saachverhalt sou op der Generalversammlung virgedroen an de Marc Retter gouf eestëmmeg zum President gewielt.

7) Bestätegung vun den aktuelle Comitésmemberen an de Fernand Schmitt an den Daniel Wilmes goufen eestemmeg vun der Generalversammlung an de Comité gewielt.

8) De Pierre Merten an senger Fonktioun vum Generalsekretär vun der F.L.P.S. huet dem Comité vun onser Sektioun eng beispielhaft Féierung vun der Sektioun bestätegt.
2026 huelen deel d‘ Senioren un der EM an Irland WM a Portugal, d‘U20 geet op d‘ WM a Frankräich, d‘ Veteranen a Kroatien an d‘ Masteren a Spuenien.
De Pierre Merten huet ons iwert d’ Feierlechkeeten fir den 100 jähregen Gebuerdsdag vun der FLPS informéiert. Fir des Organisatioun paken eng Hand mat unn de Gusty Graas, de Jos Scheuer, de Gilbert Zangerlé de Marc Weber de Roger Stranen de ganzen Zentralvirstand an d‘ Joëlle Braun.
Des 100 Joer Feier fënnt den 10 Oktober am Betebuerger Schlass statt.
Ausserdeem gett eng Séance Académique organiséiert am Dezember op der Musel mat engem Referat vum Prof.Dr.Robert Arlinghaus vun der Humboldt-Universität Berlin Professor für Fischereimanagement und Forschungsgruppenleiter am Leibniz-Institut für Gewässerökologie und Binnenfischerei (IGB), das bundesweit größte und eines der international führenden Forschungszentren für Binnengewässer.
Fir des Feierlechkeet ginn och Vertrieder vu Veräiner aus dem Saarland an der Rheinland-Pfalz agelueden.
Fir d‘ Péiteschfeier 2026 ginn och international Mannschaften ugeschriwen fir mat unzetrieden. Onst nationalt Klassement bleiwt bestoen wéi virdrunn.
De Pierre Merten wënscht onser Sektioun eng flott Saison 2026 am Fair-Play an am gegensäitegen Respekt Een virun diem Aneren.

9) Éiereung vun den éischtklsséierten Fëscher 2025.
Bei de Masteren gouf de Champion Gaston Wiesen, de Vizechampion Fernand Schmitt an den Drëtten de John Gruen geéiert.
Bei de Veteranen gouf de Champion Pierre Merten, de Vizechampion Ben Telen an den Drëtten de Marc Retter geéiert.

10) De Programm 2026 gouf virgestallt.

11) D' Veteranen fueren mat folgender Mannschaft op d' WM a Kroatien op d' Bajeri Lakes zu Barutana den 5-6 Juni 2026 :

1. Marc Retter
2. Quintus René
3. Quintus Jeff
4. Barthels Patrick
5. Schertz Raymond
6. Welter Jean-Paul
7. Kiesch Patrick
8. Risch Suzette

D' Masteren fueren mat folgender Mannschaft op d'WM a Spuenien op de Floss Jucar zu Valencia den 21-22 August 2026 :

1. Wiesen Gaston
2. Schmitt Fernand
3. Gruen John
4. Brandenburger Marc
5. Burais Michel
6. Wilmes Daniel
7. Metzger Fernand
8. Schmitt Viviane
9. Wilmes Anouck

12) Verschiddenes:

De Fernand Schmitt huet sech dergéint ausgeschwaat fir d' Stréck zu Messancy mat der Jugend ze deelen wëll mer extra d' Manche vun de Masteren an de Veteranen eenzel zu Messancy fëschen fir d' Stréck esou gerecht wéi méiglech andeelen ze kennen.
De Marc Brandenburger huet dunn der Jugendsektioun proposéiert, dien Dag bei him op engem vu senge Weieren hier Manche auszedroen. Merci Marc !

Aktuelle Comité :
President: Marc Retter
Vizepresident : Marc Brandenburger
Sekretär : Raymond Schertz
Keessier: Raymond Schertz
Denis André
Dostert Raymond
Quintus René
Schmitt Fernand
Welter Jean-Paul
Wilmes Daniel
Delegéierten vun der F.L.P.S.: Pierre Merten

Bericht vum Raymond Schertz